N°4101
Entrée le 18.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, de la ministre de la Digitalisation, Stéphanie Obertin, de la ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité, Elisabeth Margue, et du Premier ministre, Luc Frieden, à la question parlementaire n°4101 du 20 mai 2026 de l'honorable député Sven Clement au sujet de l'incident Thales/LuxTrust et de la sécurité des données des utilisateurs luxembourgeois**

- **Ass d'Ministesch informéiert ginn iwwert dësen Incident bei Thales an den eventuellen Impakt op LuxTrust-Benotzer zu Lëtzebuerg? Wa jo, wéini a vu wiem?**

  De beschriwwenen Incident bei Thales hat keen Impakt op d'LuxTrust-Benotzer zu Lëtzebuerg. Iwwer dësen Dossier gouf am Kader vun den üblechen Opsiichts- a Gouvernanceprozesser informéiert.

- **Wéi vill Lëtzebuerger Bierger, Residenten oder zu Lëtzebuerg aktiv Entreprisë kéinte vun dëser Fuite de données betraff sinn? Ass de Perimeter vun de kompromittéierten Donnéeë scho kloer ofgegrenzt?**

  Et huet sech ëm een isoléierten Tëschefall op enger IT-Plattform vun enger franséischer Entreprise gehandelt, déi ee Client vu LuxTrust a Frankräich ass. Dës Plattform ass getrennt vun de Servicer mat denen digital Transaktiounen zu Lëtzebuerg ofgeséchert ginn.

  De Virfall huet d'Systemer a Servicer vu LuxTrust net kompromettéiert. D'Infrastruktur vu LuxTrust ass vollstänneg sécher an operationell bliwwen. Eng Enquête leeft aktuell nach, fir déi genee Ëmstänn vun dësem Tëschefall a Frankräich ze ermëttelen.

- **Gouf d'CNPD (Commission nationale pour la protection des données) iwwer dësen Incident informéiert, an huet si eng formell Notifikatioun kritt am Sënn vum Artikel 33 vum RGPD? Ass eng Notifikatioun un déi betraffe Persounen am Sënn vum Artikel 34 vum RGPD virgesinn?**

  D'CNPD ass iwwert den Incident informéiert, et ass awer keng formell Notifikatioun am Sënn vum Artikel 33 RGPD gemaach ginn. Hannergrond ass den europäeschen Kooperatiouns- a Kohärenzmechanismus no deem eng Violatioun vum Schutz vu perséinlechen Donnéeën prinzipiell bei der zoustänneger Dateschutzautoritéit am Memberstaat ze mellen ass, an deem de Responsable du traitement säi Sëtz huet.

  No de bis elo virleienden Informatiounen ass Thales, mat Sëtz a Frankräich, als Responsable du traitement am Kader vun dësem Incident unzegesinn.

  D'Informatioun vun de betraffene Persounen am Sënn vum Artikel 34 RGPD fält an d'Verantwortung vum Responsable du traitement. D'Iwwerpréiwung vun enger méiglecher Obligatioun vum Responsable du traitement, déi betraffe Persounen no Artikel 34 RGPD z'informéieren, opläit der zoustänneger franséischer Dateschutzautoritéit.

- **Ass LuxTrust elo, zënter dem Akraafttriede vum NIS2-Gesetz vum 5. Mee 2026, als „entité essentielle“ am Beräich vun den Trust Services klasséiert? Wa jo, wéi eng Obligatiounen am Beräich vum Incident-Reporting gëllen duerfir?**

  Laut dem Artikel 11, Paragraphe 1, Punkt 2° vum NIS2-Gesetz, sinn all « Qualified trust service providers » / « prestataire de services de confiance qualifiés » als « entité essentielle » anzestufen, an dëst onofhängeg vun hirer Gréisst. Als « prestataire de services de confiance qualifié », gëtt LuxTrust effektiv laut dem NIS2-Gesetz als « entité essentielle » klasséiert.

  D'Obligatioune vun den NIS2-Entitéiten am Beräich « Incident-Reporting » / « notification d'incident » sinn identesch, onofhängeg vun der Qualifikatioun als « entité essentielle » oder « importante ». Dës Obligatioune sinn ënnert dem Article 14 vum NIS2-Gesetz ze fannen. Am Fall vun engem Incident, muss d'Entitéit eng Pre-Meldung bei der zoustänneger Autoritéit maachen, dëst innerhalb vun den éischte 24 Stonnen. 72 Stonnen no der Detektioun vum Incident, muss d'Entitéit eng offizielle Meldung areechen. Als lëscht Etapp, muss d'Entitéit spéitstens ee Mount no der offizieller Meldung, eng final Meldung areeche mat all den Informatioune bezüglech zum Incident, inklusiv implementéiert Mitigatiounsmoossnamen.

  Allerdéngs gëtt et laut dem Article 14, paragraphe 4, alinéa 2 vum NIS2-Gesetz eng Ausnam fir « trust service providers/prestataires de service de confiance » : Dës mussen innerhalb vu 24 Stonnen direkt eng offiziell Meldung areechen. De Volet vun der Pre-Meldung applizéiert sech net fir dës Entitéiten.

- **Wéi eng Mesure sinn a Plaz gesat ginn fir d'Lëtzebuerger Benotzer proaktiv ze informéieren an ze schützen, namentlech géint Phishing, Identitéitsklau an „Social Engineering"-Attacken, déi duerch esou exposéiert Daten erméiglecht ginn?**

  Et gouf keen Impakt op d'Benotzer vu LuxTrust zu Lëtzebuerg. Weder d'Systemer nach d'Servicer vu LuxTrust si kompromettéiert ginn. Et gëtt deemno keng Indikatioun, datt LuxTrust-Benotzer zu Lëtzebuerg engem erhéichte Risiko vu Phishing-, Identitéitsklau- oder Social-Engineering-Attacken ausgesat wieren. D'Sécherheet an d'Integritéit vun de LuxTrust-Servicer waren zu all Zäitpunkt garantéiert, esou datt keng spezifesch zousätzlech Informatiouns- oder Schutzmesurë fir d'Benotzer zu Lëtzebuerg erfuerderlech waren.

- **Wéi eng Léiere gëtt d'Regierung aus dësem Incident am Kontext vun der Supply-Chain-Sécherheet vu LuxTrust? Gëtt et eng Analys vun der Ofhängegkeet vu LuxTrust vu Prestatairë wéi Thales, a wéi gëtt d'Sécherheet vun de Liwwerketten iwwerpréift?**

  Den Tëschefall bei engem Client vu LuxTrust a Frankräich ass den Ament nach Géigestand vun enger Enquête. Et ass deemno nach ze fréi, fir definitiv Conclusiounen ze zéien oder spezifesch Léieren aus dësem Incident ofzeleeden.

- **Ass de GOVCERT.LU respektiv den CIRCL an d'Analys vun dësem Incident abezunn ginn? Wa jo, wat sinn hir bishereg Conclusiounen?**

Well et sech bei dësem Incident ëm een isoléierten Tëschefall op enger IT-Plattform vun enger franséischer Entreprise a Frankräich gehandelt huet, waren de GOVCERT.LU respektiv den CIRCL net un der Analys vun dësem Incident bedeelegt.

- **Gesäit d'Ministesch, no der schwéierer Panne vum Dezember 2025 an elo dëser Fuite de données, net d'Noutwennegkeet, LuxTrust formell als kritesch Infrastruktur ze klasséieren, sou wéi et den Haut-Commissariat à la Protection nationale (HCPN) bis ewell net gemaach huet?**

  D'Regierung mecht aus Sécherheetsgrënn keng Aussoen dozou, wat als kritesch Infrastruktur designéiert ass oder soll ginn.

Luxembourg, le 18/06/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles